N°7618
Entrée le 16.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Rezent sollen e puer Journalisten temporären hiren Zougang fir den RBE (Registre des Bénéficiaires Effectifs) gespaart kritt hunn, nodeems si eng Rei Ufroe gemaach haten. Den Zougang gouf eréischt no e puer Stonnen nees fräiginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, dass Persounen um RBE kënne gespaart ginn, wa si vill Ufroe maachen, an dass dat och an der Vergaangenheet scho gemaach ginn ass?
2. Falls jo:

   Handelt et sech heibäi em eng automatiséiert oder manuell Spärung?

   Ab wéi vill Ufroen a wéi engem Zäitraum kënnt et zu enger Spärung?

   Wisou kënnen och Persoune gespaart ginn, déi iwwert hiren Token perséinlech ageloggt sinn an esou eendeiteg identifizéiert kënne ginn? Wat ass d'Zil vun dësem Spärungs-System?
3. Falls nee:

   Wat huet déi temporär Spärungen ausgeléist?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten